

d'Info-Bliedchen



AECTP

**Association des Expéditionnaires
et Commis des P&T**

Boîte postale 1155 L-1011 Luxembourg

Kollégen a Kolléginnen!

Mier stinn um Virowend vun groussen an déifgreifenden Verännerungen an eiser lëtzebuenger Gesellschaft. "Dobaussen" rumouert et gewaltig. Am Privatsektor kritt Patronat d'Index-Tranche mat steierlëchen Vierdeeler schmackhaft gemaach, an den Biiirger bezillt sech domadden säin Index selwer ! D'Steierlaascht gët emmer méi vun den Patron'en ewech, op d'Schëlleren vun den schaffende Leit gedréckt. An dobei ass den Staatsbeamten den Patron'en an der jëtzege Regierung e besonneschen Doar am Aa. Et gët keng Geleenheet ausgelooos fier den Fonctionariat an e schlecht Liicht ze recken. Daat schengt dann och d'Regierung op de Plang geruff ze hun, vun enger, zenter laangen Joëren iwerfälliger Gehälterevisioun beim Staat, direkt eng integral Restructuratioun ze maachen, déi allerdings naischt duërf kaschten, mee au contraire, dem Staat nach soll vill Süen spueren. Viergelüchten Proposen an Projet'en veränneren den Fonctionariat esou fundamen-

tal, dass se à ce stade, just kënnen ôfgeleent gin (nozeliësen op eisem Site). Awer nët nëmmen op nationalem Niveau , mee och hei an eiser Post stin mir als Expéditionnaires virun der gréisster Verännerung, déi eis an den läschten 58 Joer , seit der Grënnung vun eisem Verband, getraff huët. Mier (an all di aaner Kollégen aus den ënneschten Carriëren) gin als "coût social historique" agestuufft, also Altlasten déi ët virum Altoër vum Profit an der Compétitivitéit ze afferen gëllt! Méi doriwer wëllen mer iëch an eiser Generalversammlung de 4. Februar matdeelen.

Bis dohinner, léif Frënn, loosst mëch iëch alleguerten mat aeren Familjen schéin , besënnlech a roueg Feierdeeg wënschen, well dono kann ët abémol ganz séier eriwier sin mat der Rouh'.

Claude Ruckert, President vun der A.E.C.P.T.

NËT NËMMEN AM WANTER, BLÉIST OP EISER POST E KAALE WAND.

Et bléist e kale Wand, an dat nët nëmmen well ët Wanter ass, mee och am Réseau de vente vun der Post-Divisioun. Sollt nämlëch en Guichet's-Beamten mol an der leidëger Situatioun sin, mat Récke-Problemer geploot ze sin, an sëch trauf eng fondéiert Demande mat Certificat ze formuléieren fir en appropriéierten Stull fir an den oppenen Guichet ze kréien, dann get dësen Mataarbëchter äiskaal ofgewiergt. Do heescht ët dann ganz pauschal, dësen Mataarbëchter kéint sëch jo op eng aaner Plaaz mellen oder rem am Réseau de Vente remplacéieren goen. D'A.E.C.P.T. ass enttäuscht wann dëst sollt di nei Art a Weis sin, wéi d'Kolleegen an d'Kolleeginnen aus dem Réseau de Vente sollten fir hiir Aarbëcht geschätzt an respektéiert gin.

DE CONGÉ ONBEDINGT ERANHUELEN...

D'A.E.C.P.T schléisst sëch dem Post-Syndikat un, a fuerdert séng Memberen op, peinlëchst op hiiren ugesammelten Congé an op hiir Iwerstonnen opzepassen. D'Joër 2012 réckelt emmer mi no, an mam 1. Abrëll 2012 verfällt och ären Congé, no der aktueller Situatioun. Probéiert also am nächsten Joër e groussen Deel vun ärem Congé ofzebauen.

Am Fall, wou een de Congé refuséiert kréich oder aus dem Congé zrëckgeruff get, ass et duerchaus ubruecht fir dëst schrëftlech vun ärem Supérieur Hiérarchique ze verlaangen. Dës schrëftlech Refus'en sin an Zukunft wichtig, wann et drëm geet ob den ugesammelten Congé verluer geet oder nët.

GENERALVERSAMMLUNG, DEN 4. FEBRUAR 2011

Den Datum vun eiser traditioneller Generalversammlung ass festgeluecht op Freiden, 4. Februar 2010 um 18:45 an der Kantinn vun der Post op der Cloche d'Or. D'Neiëgkeeten an d'Zäiten sin nët besser gin, an de Comité wärt deen Owend probéieren iech beschtméiglech ze informéieren.

D'Klacken lauden op Stuerm, elo heescht ët solidarësch sin an zesummen ze réckelen! Eng separat Invitatioun get iech all iwer de Postwee zougestallt. Notéiert iech op alle Fall:

**04.02.2010 um 18:45 Generalversammlung
vun der A.E.C.P.T**

De Comité vun der A.E.C.P.T.
wënscht Iech an ären Familien
schéi Feierdeeg,
an e gudd Joër 2011, voller Gléck,
Succés a Gesondheet!



CGFP: GÉINT EN OFBÄU BEI DER POST.

An hiirer Presse-Matdeelung vum 14. Dezember 2010 schwätzt sech d'Confédération Générale de la Fonction Publique géint en Ofbau bei der Post aus. Se weist sëch schockéiert iwert d'Evolution vum Projet P01, deen just bewierkt den Métier vum Bréifdréier futti ze maachen. D'C.G.F.P. versteet nët firwaat d'Regierung dësem Ofbau mam Ziel enger totaler Privatiséierung einfach nokuck, wann hei probéiert gët mat Salami-Taktik en aale Staats-Betrieb ze zerschloen. D'C.G.F.P. fäert schlëmm Konsequenzen fir d'Personal, de Betrieb an e virun allem fir d'Client'en, déi sëch wäerten an Zukunft müssen mat manner Qualitéit zefridden gin. Doriwer eräus verséichert d'C.G.F.P. dem Personal vun der Post hiir voll Ënnerstëtzung am Kampf géint en Personal-Ofbau an géint eng total Privatiséierung vun engem Staatsbetrieb.

Editeur

AECPT

Association des Expéditionnaires
et Commis des P&T

Boîte postale 1155 L-1011 Luxembourg

email: aecpt@ept.lu

PRÉSENCE INTERNET:

www.aecpt.lu

PRÉSENCE SUR

FACEBOOK:

rejoignez notre groupe "A.E.C.P.T"

sur www.facebook.com